**Weltmeeschterschaft fir Natiounen zu Aragon a Spuenien**

*Bericht vum Sekretär Fernand Schmitt vum 07.09.2023 (5. Dag)*

Schéinen gudden Owend un Iech all.



Haut souzen mer am C14. Angeblech sollt et do Platzen mat bis zu 11 Meter ginn. An eiser Box haten mer leider nëmmen zwëschent 3,5 an 8 Meter. Leider keng Geleeënheet fir et genau ze trainéieren. Gewiichter louchen haut zwëschent 7 an 15 kg. Eisen Meis Frank huet bewosst fir ze probéieren eng Fëscherei ob 6 Meter wärend 4 Stonnen duerchgezunn. Em déi 250 Fësch fir 25 kg. Top gefëscht an d' Lat doduerch an der Equipe relativ héich geluecht. Jo 25 kg ass awer an dem Secteur ongeféier een Gewiicht fir ënner déi 5 Éischt ze kommen.



Muer setzen mer am D19. Och do sinn Déiften esou verschidden dass een vun Kit 3 bis Kit 9 Deeler fëschen muss. Et ass alles relativ verschidden, mee Fësch sinn der en masse do. Mir wäerten muer nach eng Kéier dee leschten Training notzen fir d' Geschier optimal kennen ofzestëmmen.

Muer den Owend mellen ech mech dann nees fir Iech um lafenden ze halen.

Schéinen Bonjour vun der ganzer Equipe déi den Owend gemittlech mat enger Grillade auskléngen gelooss huet.




Sensas
Sensas